# iNFORUM

N°54 / Mäerz 2025



Sozialwalen 2025

## SPEZIAL-ÉDITIOUN

**EDITORIAL**

Steve KEIPES

CHFEP - Spigelbild vum ëffentlechen Déngscht

## Eis Kandidaten fir d'Sozialwalen

Informatiounsblat vun der AGC
Association Générale des Cadres

www.agc.lu
B.P. 665
L-2016 Luxembourg

# Éditorial



Steve KEIPES
Präsident AGC

## CHFEP – Spigelbild vum ëffentlechen Déngscht

Enn d'läscht Joer, fir genau ze sinn den 20. November 2024, huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ganz festlech hiren 60. Gebuertsdag gefeiert. Dat ass aller Éieren wäert! Wann een awer bedenkt datt déi 4 aner Beruffskummeren scho méi wi 100 Joer al sinn, dann ass dat schonn erstaunlech. Am Joer 1924 war et omfong och virgesinn fir eng Chambre professionnelle fir den ëffentlechen Déngscht ze schafen. Duerch den hartnäckegen Widerstand vum Staatsrot, deen deemols d'Opfaassung hat datt den Fonctionnaire duerch déi deemoleg Gesetzgebung genuch Garantien hat fir séng wirtschaftlech an sozial Intressien ze schützen, gouf déi Iddi schlussendlech fale gelooss.

Iwwert d'Joeren blouf dës Iddi eng Fuerderung vun de Gewerkschaftler am ëffentlechen Déngscht. Bal 40 Joer mi spéit huet den Staatsrot dunn och agesinn datt d'Fonction publique eng Beruffschamber kéint gebrauchen an du koum dann endlech d'Gebuertsstonn vun der CHFEP. Säitdeem huet se bal onverännert mat hiren insgesamt 54 Memberen e bëssen verstoppt eng exzellent Arbecht am Déngscht vun all Fonctionnaire gemaach. Doduerch datt déi 5 Beruffskummeren 2023 an déi nei Verfassung ageschriwwe gi sinn, huet och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics als Institution méi en héijen Stellewäert kritt a brauch net méi ëm hir Onofhängegkeet ze fäerten. Lo misst just nach d'Politik se méi eescht huelen an hir Avisën zu den Gesetzesprojetën méi a Betruecht huelen. Mä wéi seet een sou schéin: Et kann een net alles hunn!

Mat der Gesetzesännerung vum 24. Juli 2024 krut d'Beruffschamber änner anerem eng nei Struktur. Ab dësen Sozialwalen besteet se aus insgesamt 58 Memberen, 29 Vertrieder an 29 Stellvertrieder, déi an 10 Gruppen agedeelt sinn. Dës Ännerung war néideg fir der Gehälterreform vun 2015 endlech Rechnung ze droen. D'AGC war vun Ufank un an de Prozess vun däser Ännerung agebonnen. De Fakt datt den Gehältergrupp B1 an där neier Zesummesetzung vun 5 op 4 Mandater fällt, ass net erfreelech. Doduerch datt d'AGC awer och den Gehältergrupp A2 vertrëtt deen mat 1 Mandat nei an d'CHFEP rakännt, huet d'AGC hir 5 Mandater vum Prinzipp hir behal. D'AGC war solidaresch genuch fir dës Propos z'acceptéieren, well et am Endeffekt dréms geet eng gutt Mëschung ze fannen mat där all gewerkschaftlech Associatioun ka liewen. Hätt den OGBL do e Wiertchen dierfen matschwätzen oder suguer alleng décidéieren, hätte mer lo sécherlech eng Beruffschamber mat wäit iwwert 100 Memberen. Natierlech wär et am Intressi vum OGBL gewiecht fir d'Vertriederzuel sou héich wi méiglech ze setzen, fir datt och si e puer méi Leit aus hiren eegenen Reien ragewielt kriten. Deemno kënne mer frou sinn datt mer keen OGBL am Bureau vun der CHFEP sëtzen hunn, mä ganz am Géigendeel Leit mat Häerz a Verstand!

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet sech dann och Enn d'läscht Joer an der Ëffentlechkeet méi bemierkbar gemaach. An der Press, op Plakater, am Radio oder am Kino, iwwerall gouf erklärt firwat d'CHFEP do ass. An dat ass richteg esou! Eis Beruffschamber brauch sech net ze verstoppen. Si ass lo an där neier Zesummesetzung sou villfälteg wéi nach ni an d'Spigelbild vun der Fonction publique. All Beräich vum ëffentlechen Déngscht ass op där Plaz ronderëm e groussen Dësch versammelt fir solidarësch an zesummen mat enger Stëmm ze schwätzen. A genau dësen Ëmstand mécht eis Beruffskummer sou staark a wichteg!

D'AGC ass scho laang e Bestanddeel vun der Beruffskummer a wëll dat och an Zukunt bleiwen. Doweinst huet eise Comité am Numm vun der CGFP jeweils eng Lëscht am Grupp 2 an am Grupp 3 opgestallt an déposéiert. D'Kandidaten vun den 2 Lëschten kann een op der Duebelsäit 6 - 7 bewonneren.

Ganz erfreelech ass datt eis Kandidaten am Grupp 2 d'office gewielt sinn, well keng Géigelëscht gestallt ginn ass. Mäi Gléckwonsch geet un d'Kandidaten vun deem Grupp!

Am Grupp 3 dogéint gëtt et eng Géigelëscht vum OGBL/ Landesverband. D'Lëscht vun der AGC verkierpert net nëmmen de Flughafen, d'Police an d'Pompjeeën wéi d'Géigelëscht. Eis Lëscht steet fir de ganzen Gehältergrupp B1. Eis Kandidaten wëllen konstruktiv an am Sënn vum Gehältergrupp B1 an der nei gewieltener Beruffschamber matschaffen an net splécken an am eggenen Interessi agéieren wéi d'Géigelëscht.

**Wielt eis dynamesch, kompetent an motivéiert Kandidaten fir de Grupp 3! Wielt d'Solidaritéit, den Zesummenhalt an de Fortschrëtt an der Fonction publique! Wielt d'CGFP zesummen mat der AGC! Wielt d'Lëscht 2!**

*Save the Date*

AGC 50 joer

**Association Générale des Cadres**

affiliée à la CGFP

## Wéini?

## Wou?

## Wat?

Donneschdeg, den 13. November 2025
um 18:30 Auer

Cercle Cité op der Place d'Armes

Séance académique a Präsenz vum
Minister vum ëffentlechen Déngscht

Walking Dinner offréiert vun der AGC

Scan and save !

Detailer kommen no ...

AGC 50 joer

CHFEP
Chambre des fonctionnaires et employés publics

***Duerch d'Gesetz vum 24. Juli 2024 huet d'Chambre des députés verschidden gesetzlech Bestëmmungen vun der loi modifiée du 04 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective geännert, besonnesch wat d'Zesummesetzung ubelaangt.***

## Missiounen an Kompetenzen

**D'Missiounen a Kompetenzen vun der Beruffschamber goufen mat där Gesetzesännerung erweidert.**

D'Beruffschamber huet als Missioun fir all Établissement, Institutioun oder Service z'ënnerstëtzen deen/déi zur Verbesserung vum soziale Status vum Fonctionnaire oder Employé public bäidréit. Si huet d'Recht fir Propositiounen un d'Regierung ze riichten déi vun der Chambre des députés mussen iwwerpréift ginn wann s'an de Kompetenzberäich vun der Beruffschamber falen. Ausgeholl sinn hei d'Propositiounen zu den Gehälter. Den Avis vun der CHFEP gëtt fir all Gesetzesprojet an –propositioun deen d'Fonctionnairen an d'Employés publics concernéiert gefrot. D'Beruffschamber däerf dann an engem Délai raisonnable säin Avis formuléieren.



**Doriwweraus ass d'CHFEP nach kompetent fir:**

- **a)** d'Intressien vun den Fonctionnairen an Employés publics ze schützen an ze verdeedegen, wéi och opzepassen datt d'Gesetzgebung där si ënnerleien respektéiert gëtt;
- **b)** der Regierung all Zort vu Propositiounen zu der Organisatioun an zu der Verbesserung vun den Arbechtsconditiounen an -methoden z'ënnerbreeden;
- **c)** Moossnamen z'ergräifen déi déi berufflecher Weiderbildung vun den Fonctionnairen an den Employés publics ënnerstëtzt an d'moralesch Viraussetzungen ze schafen fir hir beruflech Aufgaben beschtméiglechst kënnen z'erfëllen;
- **d)** Statistiken iwwert den ëffentlechen Déngscht opzesetzen an an deem Sënn Études an Analysen auszeschaffen;
- **e)** d'Fonctionnairen an d'Employés publics bei Froen, déi an hiren Arbechtsberäich falen an déi den Intérêt général vunder Fonction publique betreffen, z'informéieren, ze begleeden an ze beroden.

## Zesummesetzung

Ab dësen Sozialwalen besteet d'Beruffschamber net méi aus 27, mä aus 29 Vertrieder a genau sou villen Stellvertrieder. Alleguer d'Vertrieder ginn all 5 Joer iwwert de Wee vu Walen erméttelt.

**D'Beruffschamber setzt sech deemno an Zukunft aus folgenden Gruppen zesummen:**

| | | |
|---|---|---|
| **Groupe 1:** | **3 mandats** | fonctionnaires du groupe de traitement A1 (sauf Enseignement) et Magistrature |
| **Groupe 2:** | **1 mandat** | fonctionnaires du groupe de traitement A2 (sauf Enseignement) |
| **Groupe 3:** | **4 mandats** | fonctionnaires de la catégorie de traitement B (sauf Enseignement) |
| **Groupe 4:** | **7 mandats** | fonctionnaires des catégories de traitement C et D |
| **Groupe 5:** | **2 mandats** | fonctionnaires de la catégorie de traitement A, rubrique Enseignement (sauf instituteurs) |
| **Groupe 6:** | **2 mandats** | instituteurs de la catégorie A et fonctionnaires de la catégorie B, rubrique Enseignement |
| **Groupe 7:** | **3 mandats** | employés (sauf Enseignement) et volontaires de l'Armée |
| **Groupe 8:** | **1 mandat** | employés qui relèvent de la rubrique Enseignement |
| **Groupe 9:** | **5 mandats** | fonctionnaires et employés communaux |
| **Groupe 10:** | **1 mandat** | ministres du culte catholique |

# 4 Froen zu de Sozialwalen 2025



## Wat huet d'AGC mat de Sozialwalen ze dinn?

D'**AGC** vertrëtt als Ënnerorganisatioun vun der **CGFP** d'Intressiën vum Gehältergrupp B1 an deelweis vum Gehältergrupp A2. Aus deem Grond läit et an der Verantwortung vun der AGC fir am Numm vun der **CGFP** d'Lëschten am Grupp 2 an 3 opzestellen. Well et fir d'**AGC** wichteg ass eng ausgewoen Lëscht mat gudde Kandidaten zesummenzestellen, gëtt oft mat aneren Associatiounen ënnert dem Daach vun der **CGFP** zesummegeschafft. Dat war dës Kéier am Grupp 2 mat der Association Générale des Bachelors scientifiques et techniques de l'État (AGITE) an am Grupp 3 mam Syndicat Professionnel de la Force Publique (SPFP) an der Fédération Générale des Expéditionnaires et Chargés techniques de l'État (FGEC) de Fall.

## Wéi wielen ech?

D'Sozialwalen ginn a Form vun enger Bréifwal ofgehalen. Dat heescht datt nom 06. Mäerz 2025 e Courrier mam Walziedel un all Wieler am Gehältergrupp B1 adresséiert gëtt. De Wieler kann um Walziedel engem Kandidat 1 bis 2 Stëmmen ginn ouni awer am ganzen net méi wéi 8 Stëmmen ze verdeelen. Et huet een awer och d'Méiglechkeet de Krees iwwert enger Lëscht ze schwärzen oder e Kräiz (+ oder x) dran ze molen, wat bedeit datt een d'Lëscht wielt an domadder jidderengem vun de Kandidaten op där Lëscht 1 Stëmm gëtt. Den ausgefëllten Walziedel gëtt dann mat der Envelopp zréckgeschéckt déi am Courrier bäigeluecht war.

## Wéini wielen ech?

Vum 06. bis den 26. Mäerz 2025 sinn alleguerten d'Fonctionnairen vum Gehältergrupp B1, ob aktiv oder pensionnéiert, opgeruff fir 4 Vertrieder an 4 Stellvertrieder an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ze wielen.



## Firwat wielen ech?

Fir d'éischt ass et wichteg ze wielen, well et déi demokrateschst Praxis ass a well een säin Recht wielen ze kënnen soll notzen. Well den Statut vum Fonctionnaire an d'Errungeschaften an der Fonction publique ëmmer méi vun der Politik a vun verschiddenen Acteurën an der Gesellschaft a Fro gestallt ginn, geet et natierlech bei dësen Sozialwalen dréms d'CGFP, déi eenzeg national repräsentativ Gewerkschaft am ëffentlechen Déngscht, weider ze stäerken. D'CGFP ass de Garant vun den gewerkschaftlechen Errungeschaften, vum Fortschrëtt a vun der sozialer Gerechtegkeet beim Staat. Der Géigelëscht geet et nëmmen dréms fir d'Eenheet vun den Fonctionnairen ze splécken, d'Solidaritéit ze torpedéieren, sech ze profiléieren an doraus Profit ze zéien. An deems een d'CGFP wielt, gëtt een an engems den Kandidaten vun der AGC d'Chance an den nächsten 5 Joer eng gutt Arbecht am Sënn vum Gehältergrupp B1 an der nei gewieltener Beruffschamber ofzeliwweren. Dowéinst ass et wichteg all déi 8 Stëmmen ze gebrauchen fir d'Lëscht 2 ze wielen!

# Sozialwalen vum 6.

## GRUPP 2

**Eis Kandidaten**

**Lëscht CGFP/AGC/AGITE**

**Keng Walen néideg***

(*D'office gewielt, well keng Géigelëscht déposéiert gouf)

Association Générale des Cadres
affiliée à la CGFP

MEMBRE EFFECTIF



**Daniel NESTLER**
Informaticien chez POST Luxembourg
Secrétaire général de l'Association Générale des Cadres, Secrétaire général du Syndicat des P&T, Membre du Comité fédéral et du Comité exécutif de la CGFP



**Romain WOLFF**
Administration de l'Enregistrement, des Domaines et de la TVA
Membre du Comité de l'AGC/CGFP,
Président fédéral de la CGFP,
Président de la CHFEP,
Président de la CESI

MEMBRE SUPPLÉANT



**David GREISCH**
Chargé de gestion dirigeant au Service électro-mécanique de l'Administration des Ponts et Chaussées
Président de l'Association Générale des Bachelors Scientifiques et Techniques de l'État – AGITE, Membre du Comité fédéral et du Comité exécutif de la CGFP



**Georges DENNEWALD**
Spuerkeess
Membre du Conseil d'administration de l'Association du Personnel de la BCEE,
Membre du Comité de l'Association générale des cadres,
Membre de la CHFEP

… bis 26. Mäerz 2025

GRUPP **3**

# Eis Kandidaten

CGFP

## 8 Stëmmen ze verdeelen

## Lëscht 2 CGFP/AGC/SPFP/FGEC



**Steve KEIPES**
Administration des Douanes et Accises
Président de l'AGC,
Trésorier de la Douanesgewerkschaft,
Membre du Comité exécutif et du Comité fédéral de la CGFP,
Membre de la CHFEP



**Maryse FELGEN**
Administration des contributions directes
Vice-Présidente de l'AGC/CGFP,
Membre du Comité permanent à l'Égalité des Chances de la CGFP,
Membre suppléant du Comité fédéral de la CFGP



**Christian SCHLECK**
Fonctionnaire
sous-officier de l'Armée
Membre du Bureau exécutif de la CGFP,
Président du Syndicat Professionnel de la Force Publique et du Syndicat Professionnel de l'Armée,
Membre effectif de la CHFEP



**Stéphanie SIUDA**
Administration de l'Enregistrement, des Domaines et de la TVA
Présidente de l'AFEE
(Association des Fonctionnaires et Employés de l'Enregistrement ASBL),
Membre du Comité de l'AGC



**Laurent BECKER**
Fonctionnaire Entreprise des P&T
Vice-Président de l'AGATA, Membre assesseur du Syndicat des P&T, Membre assesseur de la FGEC, Membre du Comité fédéral et du Comité exécutif de la CGFP,
Membre suppléant de la CHFEP



**Marlène NEGRINI**
Fonctionnaire Police Grand-Ducale
Assesseur du SNPGL,
Vice-présidente du SPFP,
Membre du Comité exécutif et fédéral de la CGFP

# Opdeelungsmodus vun den Mandater

Als alleréischt muss den „nombre électoral" erméttelt ginn. Den Total vun de gültegen Stëmmen vun allen Lëschten gëtt duerch d'Unzuel vun de Mandater déi am Grupp ze wielen sinn, plus een weideren, gedeelt. D'Resultat vun där Rechnung ass d'Zuel vu Stëmmen déi eng Lëscht brauch fir een Mandat kënnen ze kréien.

Duerch d'Bestëmmen vum „nombre électoral" kënnen d'Mandater dann verdeelt ginn. All Lëscht kritt deemno souvill Mandater, Vertrieder a Stellvertrieder, wéi den „nombre électoral" an den Total vun de Stëmmen passt.

Fir de Fall wou mat dësem Modus net all Mandat ka verdeelt ginn, gëtt eng aner Method benotzt. D'Stëmmenzuel vun all eenzel Lëscht gëtt duerch d'Mandater déi dës eenzel Lëscht ergattert huet, plus een weideren, gedeelt. D'Mandat gëtt dann där Lëscht mat dëm héchsten Resultat zougesprach. Déi Rechnung gëtt sou oft widderholl bis keen Mandat méi ze verdeelen bleift.

Wat d'Mandater, ob Vertrieder oder Stellvertrieder, un sech ubelaangen, ginn se an all Lëscht der Rei no un déi Kandidaten mat de meeschten Stëmmen verdeelt. Am Fall vun Kandidaten mat gläicher Unzuel vu Stëmmen huet den eelsten Kandidat d'Virrecht op d'Mandat.

Hei drënner gesäit een, als Beispill, d'Resultater vun den 3 läschten Walen an der Catégorie B1, wou deemols nach 5 Mandater gewielt goufen. Bei dëse Walen ass et kloer datt den „nombre électoral" méi héich wärd leien, well nëmmen nach 4 Mandater ze wielen sinn. Domadder gëtt fir eng Lëscht méi schwéier fir en Mandat ze kréien, well méi Stëmmen gebraucht ginn.

| | Resultater 1995 | | Resultater 2000 | | Resultater 2005 | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Lëscht AGC/CGFP** | 23.672 | 95,43% | 23.917 | 94,93% | 26.865 | 93,35% |
| **Géigelëscht** | 1.139 | 4,57% | 1.278 | 5,07% | 1.265 | 4,40% |
| **Géigelëscht** | - | - | - | - | 647 | 2,25% |
| **Total** | **24.901** | **100%** | **25.195** | **100%** | **28.777** | **100%** |
| Nombre électoral (5 Mandater ze wielen + 1) | 24.901 : 6 = 4.151 | | 25.195 : 6 = 4.199 | | 28.777 : 6 = 4.796 | |
| | **4.151 Stëmmen ginn Urecht op 1 Mandat** | | **4.199 Stëmmen ginn Urecht op 1 Mandat** | | **4.796 Stëmmen ginn Urecht op 1 Mandat** | |

| **Opdeelung vun de Mandater** | | | |
|---|---|---|---|
| **Lëscht AGC/CGFP** | **23.672 : 4.151 = 5 Mandater** | **23.917 : 4.199 = 5 Mandater** | **26.865 : 4.796 = 5 Mandater** |
| **Géigelëscht** | 1.139 : 4.151 = 0 Mandater | 1.278 : 4.199 = 0 Mandater | 1.265 : 4.796 = 0 Mandater |
| **Géigelëscht** | - | - | 647 : 4.796 = 0 Mandater |


PETRO CENTER
energy experts
ESSO retail network
Mobil lubricants
Q8 Oils
25 ANNIVERSARY
STATIONS-SERVICES
Esso
onestop
GOURMET RAPIDE
BESTWASH
Floral Design
ÉLECTRO-MOBILITÉ
Plus de 850.000 points de recharge au Luxembourg et en Europe.
Propre réseau BESTCHARGE avec 200 points de recharge d'ici fin 2025.
Installation de bornes de recharge pour les professionnels.
N°1 en Hypercharge
BESTCHARGE energy experts
CARTES FLEET
Esso Card
PFC PETROFUELCARD
MAZOUT & CARBURANTS
ECOPLUS PETROCENTER
ECO DRIVE PETROCENTER
LUBRIFIANTS & AdBlue®
Mobil
Q8 Oils Distributeur Officiel
GAZ BUTANE & PROPANE
en bouteilles de 5 à 46,5Kg
70 points de vente au Luxembourg
energy gaz
PETRO-CENTER S.A. | 2, rue Jean Fischbach | L-3372 Leudelange
Tel.: +352 26 37 27-1 | contact@petro-center.lu | petro-center.lu

# PROGRAMME D'ACTION

Den Comité hat Ufank 2022 en neien Programme d'action ausgeschafft, deen den 23. Mäerz 2022 op der Generalversammlung guttgeheescht ginn ass. D'Fuerderungen hei drënner fir déi d'AGC steet baséieren sech op dësen Programme d'action.

Den Staat huet, wéi all Arbechtsgeber, eng sozial Verantwortung vis-à-vis vu séngem Ugestallten, déi sech duerch d'Qualitéit vun der Arbechtsplaz ausdréckt. Eng Verwaltung wärd vill méi efficace sinn wann hir Fonctionnairen e bessert Arbechtsëmfeld (Gebailechkeeten, Mobiliar etc) hätten a wann méi digital Méiglechkeeten do wären fir d'Arbecht besser a méi schnell kënnen ze bewältegen. Doriwwereraus wär et och wichteg wann de Staat e Gefill vun Zougehéiregkeet an Identifikatioun giff vermëttelen.

Association Générale des Cadres

affiliée à la CGFP

## D'AGC huet eng Rei generell Fuerderungen:

- Aféierung vum 2. Pilier (régime de pension complémentaire) fir Fonctionnairen déi nom 31. Dezember 1998 engagéiert gi sinn;
- steierlech Moossnamen, e Prêt taux zéro an staatlech Garantien fir den Apport initial fir jonk Fonctionnairen am Kader vum Logement, respektiv der Locatioun vun engem Logement;
- 1 zousätzlechen Dag Congé fir eng besser „work/life balance" z'erreechen;
- Ausbezuelen vum Iessensgeld fir déi 12 Méint vum Joer.


## Donieft huet d'AGC awer och spezifesch Fuerderungen fir de Gehältergrupp B1:

- méi Formatioun am Stage a während der Carrière fir d'Kompetenzen vun de Fonctionnairen ze héijen an de Gehältergrupp B1 doduerch ze stäerken;
- eng permanent a gerecht Voie expresse B1-A2 déi méi transparent a mat präzisen Conditiounen muss gehandhaabt ginn;
- all d'Diplomer vum Typ „BAC + 2" mussen en Urecht op d'Prime BTS kréien;
- Ausschöpfen vum legalen Prozentsaz vun 30% bei den Majoratiounen fir d'Postes à responsabilité particulière a méi en transparente Gebrauch vun dësem System;
- Attraktivitéit vum Gehältergrupp B1 erhéijen nodeems praktesch all d'Verantwortungsposten an d'Gehälterkategorie A geréckelt gi sinn.

**Mat Bléck op dësen Fuerderungskatalog ass et immens wichteg d'AGC z'ënnerstëtzen an bei de Sozialwalen d'Lëscht 2 CGFP/AGC/SPFP/FGEC ze wielen!**

# *Le coin* DU PERSIFLEUR

## OH NEE, NET SCHON RËM WALEN!



### ET ASS RËM SOUWÄIT !

Wei all 5 Joer sinn erëm Walen vir d'"Chambre des Fonctionnaires et Employés publics", kuerz CHFEP.

Et ass eng immens grouss Éier an d'CHFEP gewielt ze ginn, an vill Leit drécken an zerklappen sech vir op des Lëschten ze kommen. Meng Bomi hätt gesot "et mengt een et géif em eng gëlle Kou goen". Et gëtt gestridden, erpresst, Drock gemaach, alles am Sënn vum eegenen iwwergroussen Ego, an leider nach laang net ëmmer am Sënn vun der Saach. Heiansdo kënnt et engem schonn bal vir wéi an der Politik, Kompetenz gëtt ëmmer mei onwichteg, wien am haartsten jäitzt gewënnt ëmmer méi oft, sou wéi den Trump an Amerika.

Och den Ministère vum ëffentlechen Déngscht huet et eis net einfach gemaach. Falsch Wielerlëschten wouduerch verschidden Kandidaten vir d'Walen verworf ginn sinn an Feeler bei den Fonctiounen wouduerch zum Beispill een vun den Kandidaten als "Retraité" op der Lëscht steet, wat awer net korrekt ass, hunn eis d'Organisatioun vun dësen Walen sou schwéier gemaach wéi nach ni virdrun. Mir hoffen dass d'Suite vun dësen Walen besser ofleeft.

D'CGFP huet haut, zesummen mat hirem Kooperatiounspartner FGFC 25 vun 27 méiglechen Sëtz an der CHFEP, an domadder als eenzeg Gewerkschaft an der Fonctioun Publique déi national Representativitéit.

Mä, wéi bei all Walen gëtt et eng aner Gewerkschaft déi dat guer net verdréit an dofir ëmmer rëm mat an déi Walen geet. 2020 hunn se probéiert d'CGFP rosen ze maachen an se hunn partiell Lëschten an der Carrière moyenne opgestallt. Leider haten se komplett vergiess dass am Gesetz steet dass nëmmen komplett Lëschten kennen ugeholl ginn .... wéi schued awer och!

2025 maachen se dofir lo een neien Ulaf an kuck do: se hunn et fäerdeg bruecht komplett Lëschten an der Carrière moyenne an souguer an der Carrière inférieure opzestellen, dat ass jo guer net mol schlecht! En plus hunn s'et fäerdeg bruecht eng Persoun déi mol fréier am CGFP Virstand war op hier Lëscht ze kréien. Dësen pensionéierten Spëtzekandidat ass also op déi aner Säit iwwergelaf, och anscheinend vir d'CGFP rosen ze maachen, déi 2 passen also gutt zesummen. Op dëser Lescht sinn elo 5 Polizisten: et huet also och 2025 schonn rëm keen deenen Rouden erklärt wei dës Walen fonctionéieren: well et ass ganz kloer dass net méi wéi 2 Kandidaten vun enger spezifescher Administratioun kënnen am selwechten Grupp an d'Chamber gewielt ginn. Wien Gesetzer liesen kann, ass also kloer am Virdeel!

A genau dat ass den Virdeel vun der AGC an vun der CGFP! Mir kënnen Gesetzer liesen! An dofir gehéieren och eis Kandidaten an d'CHFEP, well där hir Haaptaufgab ass et eben grad Gesetzer ze liesen, an Avisën iwwer dës Gesetzer ze schreiwen, an dat am Sënn vun allen Mataarbechter aus dem ëffentlechen Déngscht zu Lëtzebuerg.

Mir mussen dann där aner Gewerkschaft trotzdeem Merci soen dass se am Grupp 2 (Carrière A2) keng Lëscht opgestallt hunn. Dofir ass den Kandidat vun der AGC an deem Grupp lo schonn gewielt an eis Memberen mussen keng Kräizer méi an deem Grupp maachen.

Den Staatsrot reegt sech reegelméissege driwwer op dass d'Gesetzer ëmmer mei schlecht geschriwwen sinn an et brauch kompetent Avisën, am Interêt vun den schaffenden Leit am Staatsdéngscht! Dofir sti mir an dofir

## WIELT D'LËSCHT 2 :

### CGFP/AGC/SPFP/FGEC.

**BEI EIS STEET D'KOMPETENZ OP ÉISCHTER STELL, NET EISEN EGO!**

# Wale fir CHFEP

Chambre des fonctionnaires et employés publics

**WÉI wielen ech?**

**Dir kënnt 8 Stëmme verdeelen:**

**Entweder** Dir schwärzt de Krees iwwert der

## Lëscht N°2 CGFP/AGC/SPFP/FGEC

*(all Kandidat kritt automatësch eng Stëmm)*

**Oder** Dir verdeelt 1 oder 2 Stëmmen (maximum 8) un d'Kandidaten vun der

## Lëscht N°2 CGFP/AGC/SPFP/FGEC

**Opgepasst!**

**Well d'Mandater iwwert de Proporzsystem verdeelt ginn, ass et wichteg:**

- ze wielen an sech net z'enthalen
- all d'Stëmmen déi een huet ze gebrauchen
- keng Stëmm un d'Géigelëscht ze ginn

AGC – Association Générale des Cadres – affiliée à la CGFP

CGFP

INFORUM
Impressum:
Redaktiounscomité:
Maryse FELGEN Marc FEYEREISEN Steve KEIPES Lynn LUCIANI Daniel NESTLER Pascal RECKEN Irène THILL
AGC B.P. 665- L-2016 Luxembourg - www.agc.lu

PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
P/S 056

© 2025 Association Générale des Cadres. Tous droits réservés